N° 8154
Entrée le 14.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 14.07.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 14. Juli 2023**

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro iwwer d´Héichwaasserschied un d´Madamm Finanzministesch an d´Madamm Inneministesch weiderzeleeden.

An engem Artikel am *Lëtzebuerger Wort* vum 14. Juli ass ze liesen, dass d´Hëllefe fir d´Schied vun den Héichwaasserkatastrophen ausbezuelt gi sinn. An Zukunft wäre no Préiwung vun den Dossier´en keng weider finanziell Ënnerstëtzunge méi ze erwaarden. Déi ausbezuelten Zomme ginn Aussoe vun de Gemengeresponsabelen awer net duer, fir déi 2021 entstane Schied an de Gemenge ganz ze couvréieren, wat déi concernéiert Gemengen a finanziell Schwieregkeete kéint bréngen.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Madamme Minister riichten:

- Wéi vill Geld ass insgesamt aus dem Hëllefspak vun der Regierung un d´Gemengen ausbezuelt ginn? Wéi eng Zomme ass vun de Gemengen ugefrot ginn? Wéi vill Prozent vun den ugefroten Indemnisatiounen sinn an den anere Gemengen ausbezuelt ginn?
- Kënnen d´Madamme Minister d´Informatioune confirméieren, dass keng weider Suen un déi concernéiert Gemengen ausbezuelt ginn? Wa jo – firwat?
- Wa jo – ginn et nach aner Fongen, wéi z. Bsp. e Katastrophefong, bei deem d´Gemenge kënnen Hëllef ufroen?
- Wat gedenkt d´Regierung an Zukunft ze ënnerhuelen, fir d´Gemengen a sou Katastrophefäll besser kënnen ze ënnerstëtzen?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

**Max Hengel** **Léon Gloden** **Octavie Modert**

**Deputéiert**

N°8154
Entrée le 24.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, a vun der Madamm Finanzministesch, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°8154 vun den honorabelen Députéierten Octavie Modert, Max Hengel a Léon Gloden zum Sujet "Aides suite aux inondations du mois de juillet 2021"**

Virop ass et wichteg ze präziséieren, dass d'Indemnisatioun vum Inneministère sech net nëmmen un d'Gemenge geriicht huet, mee och un d'Gemengesyndikater.

Iwwert de Formulaire "Intempéries", deen d'Gemengen an d'Gemengesyndikater mat de Circulairen n°4021 an n°4064 zur Verfügung gestallt kritt hunn, hu 40 betraffe Gemengen a Gemengesyndikater Schied an Héicht vun 30.802.478,46 Euro deklaréiert, déi hir jeeweileg Propriétéite betraff hunn (*biens meubles et immeubles*). Et sief nach emol drun erënnert, dass déi ugefroten Entschiedegungen exklusiv fir Propriétéite vun de betraffene Gemengen oder Gemengesyndikater zielen an dass déi ugefale Käschte weder vun enger Assurance iwwerholl gi sinn, nach vun anere staatlechen Entitéiten.

Am Ganze si bis dato 4.614.900,27 Euro u Gemengen a Gemengesyndikater ausbezuelt ginn.

Mat Ausnam vun der Gemeng Iechternach, déi Schied an Héicht vun 22.313.823,63 Euro (Stand 09.08.23) deklaréiert huet, si ronn 44% vun den ugefroten Indemnisatiounen (8.488.654,83 Euro) un déi aner Entitéiten ausbezuelt ginn, dat heescht 3.744.902,12 Euro. Et muss een awer präziséieren, dass 18 Dossieren nach en cours sinn, well se nach net komplett sinn.

D'Ausso, dass keng weider Suen un déi concernéiert Gemengen ausbezuelt géife ginn, ass net richteg. Am Staatsbudget ass fir den Exercice 2023, ënnert dem Artikel 09.5.35.010 "*Secours dans le cadre de catastrophes naturelles et en cas d'assistance internationale*", eng Enveloppe vu 5 Milliounen Euro virgesinn, fir d'Gemengen an d'Gemengesyndikater kënne weider finanziell z'entschiedegen (an der Haaptsaach déi Gemengen, deenen hiren Dossier nach net komplett ass).

Fir an Zukunft besser op Katastrofe präparéiert ze sinn, mussen d'Gemenge méi resilient ginn a virun allem op Präventiounsmesurë setzen, mam Zil, fir d'Risike vu Katastrofen ze reduzéieren. Fir sou Mesuren en place ze setzen, kënnen d'Entitéiten aus dem Gemengesecteur zum Beispill beim Waasserfong eng finanziell Ënnerstëtzung froen (cf. Artikel 65 vun der *Loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau*). D'Gemenge wäerten awer och an Zukunft op d'Ënnerstëtzung vum Inneministère ziele kënnen, natierlech ënnert der Bedingung, dass dat jeeweilegt Evenement vun der Regierung als Katastrof deklaréiert gëtt[1].

Lëtzebuerg, den 24/08/2023.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding

[1] Cf. Äntwert op d'QP 6492 « Inondations de 2021 »